GEMENGEROT
VUM 22. SEPTEMBER 2023

Present: De Buergermeeschter, Félix Eischen (CSV), d'Schäffen Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseilleren Cheryl Binck-Geschwind (CSV), Bonifas Larry (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP), Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

Entschëllegt: /

Ufank vun der Sëtzung: 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour, mat Ausnam vun de Punkten 7.1.-7.13.; 8-13; 30; 32; 37,6; 38,7, goufen eestëmmeg ugeholl.

ËFFENTLECH SITZUNG

MATDEELUNGEN

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) begréisst de Gemengerot zur Sëtzung vum 22. September 2023. Den Ordre du jour gouf am Virfeld verschéckt a gëtt ouni Objektioune vun de Conseilleren approuvéiert.

D'Madamm Claudine Meyer Deitz (LSAP) huet Wuert. Si profitéiert vun der Presenz vum Fierschter, dem Här Daniel Steichen, fir him an och am Numm vun alle Bierger Merci ze soe fir d'Bank déi op Ufro vun den Awunner zu Ollem opgeriicht gouf. D'Bierger vun der Gemeng Kielen soen ëmmer rëm dass méi Banken innerhalb vun der d'Gemeng misste opgestallt ginn. Deem kéint een eventuell an d'Zukunft nogoen. D'Familljen an d'Chancëgläichheetskommissioun huet am Kader vum internationale Männerdag de Cabaret Batter Séiss invitéiert fir e Spektakel den 19. November 2023 zu Kielen am Musekssall virzedroen. D'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP) invitéiert de Gemengerot fir un dësem Event deelzehuelen. Den 22. November 2023 Mëttes feiert de Club Senior säin 20 Joer Bestoen an d'Membere vum Gemengerot sollen sech dësen Datum notéieren. D'Informatiounen zu dësem Event wäerten zu engem spéideren Zäitpunkt matgedeelt ginn.

Den Här Guy Kohnen (CSV) informéiert dass de SICA op der Sich ass no engem neien Abnehmer vum Biomüll wou och schonns eng Soumissioun gemaach gouf a schonns een den Zouschlag krut, mä den Innenministère huet déi Soumissioun gekippt well dem Soumissionaire säin Dossier leider net an der Rei war. Doropshi gouf eng nei Soumissioun lancéiert mat méi kuerzen Delaie mä op déi huet keen sech méi gemellt. Elo ginn eenzel Gespréicher mat deenen Acteure vun der éischter Soumissioun gefouert an der Hoffnung dass deen deen deemools den Zouschlag krut bis dohinner den Dossier komplett huet. D'Soumissiounsprozedur ass nach ëmmer um Lafen a weider Informatioune kommen zu engem spéideren Zäitpunkt.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) gëtt eng Informatioun iwwert Nationalwale vum 08. Oktober 2023. D'Bréifwal gouf den 21. September 2023 verschéckt. 806 Léit hunn d'Bréifwal ugefrot, dat sinn der relativ vill fir eng Gemeng wéi Kielen, am Verglach mat der Gemeng Esch déi der zum Beispill nëmme knapp 3000 haten.

De Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) gëtt Informatiounen iwwert den Oflaf vun der Gemengerotssëtzung well no de Gemengewalen d'Kommissiounen néi mussen opgestallt ginn an och Delegéierte vun de Syndikater musse gewielt ginn.

1. Gestiounsplang vun eise Bëscher fir den Exercice 2024

De Gemengerot ass gefuerdert sech iwwert de Gestiounsplang vun eise Bëscher fir den Exercice 2024, dee vun eisem Fierschter an dono vum Chef vun der Verwaltung fir Natur an de Bëscher, Arrondissement Zentrum-Westen, deen de 14. August 2023 iwwerpréift a festgehale gouf, ze äusseren. Den Här Daniel Steichen, Fierschter vum Triage vu Kielen, gëtt Explikatiounen iwwert de alljärleche Gestiounsplang fir den Exercice 2024.

2. D'Hausuerdung vum Gemengerot

De Gemengerot stëmmt iwwert en neit Gemengereglement of an zwar d'Hausuerdnung vum Gemengerot. De groussen Ënnerscheed zur Vergaangenheet ass dass et an d'Zukunft zwee verschiddene Reglementer ginn, ee fir d'Fonctionnement fir de Gemengerot an ee fir de Fonctionnement vun de Kommissiounen. D'Hausuerdnung vum Gemengerot reegelt a senge véier Kapitelen d'Fonctionnement vum Gemengerot, wéi zum Beispill d'Opstellung, Dauer vum Mandat, d'Incompatibilitéiten, d'Vereedegung, Prioritéite Lëscht, Beuechtung vun der Reserv, Confidentialitéit, d'Jetone, Convocatiounen, Dagesuerdnung, d'Presidence, de Vott, de Quorum, de Rapport, de Protokoll, den Internetsite, d'Press, de Reider an d'Vertriedung vun der Gemeng an engem Syndikat.

3. D'Hausuerdnung vun de Gemenge-Kommissiounen

De Gemengerot adoptéiert d'Hausuerdnung vum de Gemenge-Kommissiounen. An zwee Kapitelen, déi dann heeschen „Comissions consultatives communales légales" a „Commissions consultatives facultatives", hält d'Reglement d'Kompetenzen un de Kommissioune wéi zum Beispill Nominatioun an d'Revocatioun vun de Memberen, d'Zesummestellung, de Fonctionnement, d'Rapporten, d'Vertraulechkeet vun den Deliberatiounen, an d'Jetone.

4. Reglement vum Comité de Jumelage – Upassung

Et ass ubruecht iwwert e Kommitee ze verfügen den dofir do ass Veranstaltungen am Kader vum Jumelage ze organiséieren an ze koordinéieren. An deem Kontext gëtt e Kalenner gefouert vun den Eventer an et gëtt och beuecht dass dës net simultan mat de Manifestatioune vun de lokalen Associatioune stattfannen. Dëst Reglement gouf fir d'lescht am Joer 2006 adaptéiert. Op Virschlag vum Comité de Jumelage, wäerte keng Vertrieder méi vun der Kommissioun vum Drëtten Alter a vun der Familljen a Chancëgläichheetskommissioun méi Member sinn. Den Delai wou déi néi Membere gewielt musse ginn, gouf vu 4 op 6 Méint eropgesat. D'Zesummestellung vum Comité de Jumelage gëtt an der Sëtzung vum Gemengerot am Oktober gestëmmt well an dësem Kommitee jo Vertrieder vu verschidde Kommissioune sinn, Kommissioune fir déi mir haut Zesummestellung stëmmen an déi sech jo dann nach mussen eens gi wien si als Vetrieder wëllen an de Comité de Jumelage schécken.

5. „Repas sur roues“ – Adaptatioun vum Taxereglement

De Gemengerot huet a senger Sëtzung vum 25. November 2011 eng Konventioun betreffend dem „Repas sur Roues“, déi tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch de Schäfferot an dem SERVOIR de 27. Oktober 2022 ënnerschriwwe ginn ass, gestëmmt. Een Iesse kascht 18,37€, soit 12,62€ fir d'Iessen a 5,65€ fir d'Liwwerung an deemno wéi kommen do 22,81€ pro Mount dobäi fir d'Loune vun enger Plack fir d'Iesse waarm ze halen . D'Präisser déi d'Gemeng de Notzer verrechent ginn net duer fir d'Käschte vun der Gemeng ze decken, sou dass d'Präisser un déi allgemeng Erhéijung vun der Präisser ugepasst ginn awer nëmme schrëttweis fir dass ka Récksiicht op déi Notzer mat méi engem nidderegen Akommes geholl ka ginn. Deemno, beschléisst de Gemengerot de Präis fir een „Repas sur Roues“ op 13,00€ festzeleeën an dat ab dem éischte vum Mount deen nom Aushänke vun dësem Reglement kënnt.

6. Galerie bei der Kierch

De Comite de gestion vun der Galerie „Bei der Kierch“ huet eng Propositioun fir d'Ëmännerung vun hirer Hausuerdnung eragereecht well dës net méi zäitgeméiss war. De Schäfferot huet dës a senger Sëtzung vum 06 September 2023 validéiert. An dem urspréngleche Text gouf oft den Term „artistes“ benotzt deen elo a „personnes“ gewiesselt gëtt, fir dass et méi vage soll bleiwe fir dass keng Kategorie vun Demandeuren ausgeschloss soll ginn. D'Prozedur vun der Reservatioun gëtt elo och vereinfacht an deem Sënn dass déi Leit déi fir eng länger Period reservéiere vun enger Reduktioun vun de Käschte vun der Lokatioun profitéieren. Fir déi lokal Aussteller ze ënnerstëtzen, kënnen déijéineg d'Galerie fir maximal 2 Wochen an engem Zäitraum vun 3 Joer gratis zur Verfügung gestallt kréien.

7. Berodend Kommissiounen

7.1. Familljen- a Chancëgläichheetskommissioun vun der Gemeng

7.1.1 Ernennung vun de Memberen

Fir d'Ernennung vun de berodenden Kommissioune vun der Gemeng, mussen 3 Membere vun der „Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei (CSV)“, 2 Membere vun der „Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei (LSAP)“, 1 Member vun „déi gréng“ an 1 Member vun der „Demokratesch Partei (DP)“ souwéi 6 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéieren, sou wéi den Artikel 3 vun der Hausuerdnung vun de berodenden Kommissioune vun der Gemeng et virgesäit, genannt ginn. Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganzen 9 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Familljen- a Chancëgläichheetskommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Memberen déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertrueden si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) a 6 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere setzt d'Familljen- a Chancëgläichheetskommissioun vun der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	KOCH Natacha	CSV
2	FRIEDERES Georges	CSV
3	BIVER Marie-Anne	CSV
4	MEYER-DEITZ Claudine	LSAP
5	WELTER-SALLAI Monika Katharina	LSAP
6	DA COSTA ROSA Ricardo	DP
7	GRAAS-LUCCHINI Danièle	déi gréng
8	WACKERS Marie-Paule	neutre
9	LANNERS Marc	neutre
10	PELLER-SCHLOESSER Josette	neutre
11	MAAS Marc	neutre
12	GRAAS Caroline	neutre
13	THILL Fernand	neutre

7.1.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Familljen- a Chancëgläichheetskommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt d'Madamm Claudine Meyer-Deitz Claudine als Presidentin an d'Madamm Natacha Koch als Sekretärin genannt.

7.2. Jugendkommissioun

7.2.1. Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganzen 8 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Jugendkommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Memberen déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertrueden si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) a 6 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere gewielt goufe setzt d'Jugendkommissioun vun der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	MASSARD Sandrine	CSV
2	WOLFF Judith	CSV
3	IANNIZZI Katrin	CSV
4	BACK Joan	LSAP
5	BECKER Joël	LSAP
6	GREISCH Jessica	DP
7	STAUDT Vanessa	déi gréng
8	LUCAS Tania	neutre
9	PELLIN Jean-Claude	neutre
10	DELVIGNE Thierry	neutre
11	ATTEN Manon	neutre
12	BASTIAN Christine	neutre
13	THILL Claire	neutre

7.2.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Jugendkommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt d'Madamm Joan Back als Presidentin an d'Madamm Sandrine Massard als Sekretärin genannt.

7.3. Ëmweltkommissioun

7.3.1. Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganzen 10 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Ëmweltkommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Memberen déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertrueden si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) a 6 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere gewielt goufe setzt d'Ëmweltkommissioun vun der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	BREDEN Guy	CSV
2	BINCK-GESCHWIND Cheryl	CSV
3	BIVER Alain	CSV
4	BECKER Joël	LSAP
5	BLEI Joël	LSAP
6	FRANTZEN Maryse	DP
7	SCHMITZ Jean-Claude	déi gréng
8	LANNERS Marc	neutre
9	PICARD Marc	neutre
10	SCHLEISER Franz	neutre
11	PELLER Franky	neutre
12	SCHAULS Roger	neutre
13	SCHROEDER Claude	neutre

Weider geet et op der Säit 39 →

7.3.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Ëmweltkommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt den Här Guy Breden als President an den Här Joël Becker als Sekretär genannt.

7.4. Kulturkommissioun

7.4.1. Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganzen 9 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Kulturkommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Memberen déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertrueden si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) a 6 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere gewielt goufe setzt d'Kulturkommissioun vun der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	URBING Kevin	CSV
2	THILL Felix	CSV
3	MATIAS TRIGO Afonso Filipe	CSV
4	NOESEN-HEINTZ Nathalie	LSAP
5	DREWS Frank	LSAP
6	KRECKÉ Patrick	DP
7	ÇIÇEK Canan	déi gréng
8	WACKERS Marie Paule	neutre
9	ADAM Joël	neutre
10	GERGES André	neutre
11	SUYS Willy	neutre
12	NOESEN Philippe	neutre
13	EICHER-SCHMIT Myriam	neutre

7.4.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Ëmweltkommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt den d'Mme Noesen-Heintz Nathalie als Presidentin an den Här Urbing Kevin als Sekretär genannt.

7.5. Finanzkommissioun

7.5.1. Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganze 6 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Finanzkommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Memberen déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertruede si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) a 6 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere gewielt goufe setzt d'Finanzkommissioun der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	VAN WISSEN Pauline	CSV
2	KOHNEN Guy	CSV
3	MACIEL DOS SANTOS Kevin	CSV
4	BRONDEN Daniel	LSAP
5	POOS Xavier	LSAP
6	KRECKÉ Patrick	DP
7	VOEGELI Luc	déi gréng
8	JANSSEN Jean-Marie	neutre
9	ERNZEN Henri	neutre
10	DIDELOT Nestor	neutre
11	WAGENER Marc	neutre
12	BONIFAS Nico	neutre
13	LIESCH Camille	neutre

7.5.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Finanzkommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt den d'Madamm Pauline van Wissen als Presidentin an den Här Daniel Bronden als Sekretär genannt.

7.6. Loyerskommissioun

7.6.1. Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganzen 3 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vu Loyerskommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, setzt d'Loyerskommissioun sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	HOUEL Damien	LSAP
2	KOHNEN Guy (conseiller communal)	CSV
3	BONIFAS Nico	assesseur-bailleur
4	AGUIAR MENDES Janine	assesseur-bailleur suppléant
5	RECHT Laurent	assesseur-locataire
6	Vacant	assesseur-locataire suppléant

7.6.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Loyerskommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt den Här Houel Damien als President an d'Mme Pellizzaro Caroline als Sekretärin genannt.

7.7. Sportskommissioun

7.7.1. Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganze 5 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Sportskommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Memberen déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertruede si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) a 5 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere gewielt goufe setzt d'Sportskommissioun der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	VAN WISSEN Pauline	CSV
2	AZEDEVO PIRES Sylvie	CSV
3	DOS SANTOS Jorge	CSV
4	REHLINGER Sandra	LSAP
5	PACIOTTI Patrizia	LSAP
6	REGNO Massimo	DP
7	VOSMAN Hermanus	déi gréng
8	URBING Kevin	neutre
9	PEREIRA PINTO Michel	neutre
10	HIENCKES Corinne	neutre
11	LIESCH Camille	neutre
12	JANDER Christine	neutre
13	vacant	neutre

7.7.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Sportskommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt d'Madamm Pauline vanWissen als Presidentin an d'Madamm Rehlinger Sandra als Sekretärin genannt.

7.8. Integratiounskommissioun

7.8.1. Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganzen 9 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Integratiounskommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Memberen déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertrueden si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) an 9 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere gewielt goufen an dovunner sinn der 3 Suppleant, setzt d'Integratiounskommissioun vun der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	KOCH Natacha	CSV
2	DOS SANTOS PEREIRA MACIEL Paula	CSV
3	AZEVEDO PIRES Sylvie	CSV
4	MOLITOR Max	LSAP
5	BLEI Joël	LSAP
6	REGNO Massimo	DP
7	ÇIÇEK Özgür	déi gréng
8	IGUERB Ourida	neutre
9	BENNETT Neil	neutre
10	LANNERS Marc	neutre
11	WALCH Emile	neutre
12	LUSANGA Joseph	neutre
13	SCHAACK-FELTEN Martine	neutre
1 suppl.	HIENCKES Corinne (suppléant)	neutre
2 suppl.	WAGENER Yolande (suppléant)	neutre
3 suppl.	AZARI Sahar (suppléant)	neutre

7.9. Kommissioun fir den 3. Alter

7.9.1 Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganzen 3 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Kommissioun fir den 3. Alter vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Membren déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertrueden si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) an 3 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere gewielt goufe setzt d'Kommissioun fir den 3. Alter vun der der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	KOCH Natacha	CSV
2	DOS SANTOS MACIEL Paula	CSV
3	LANGERS Paul	CSV
4	MAAS Marc	LSAP
5	PACIOTTI Patrizia	LSAP
6	HOLZMACHER Christiane	DP
7	CLEMENS Josette	déi gréng
8	JANSSEN-KELSEN Yvette	neutre
9	FABER Chantal	neutre
10	LIESCH Camille	neutre
11	vacant	neutre
12	vacant	neutre
13	vacant	neutre

7.9.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Sportskommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt d'Madamm Natach Koch als Presidentin an den Här Marc Maas als Sekretär genannt.

7.10. Bautekommissioun

7.10.1. Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganzen 12 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Bautekommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Memberen déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertrueden si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) a 6 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere gewielt goufe setzt d'Bautekommissioun vun der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	SCHROEDER Claude	CSV
2	LANGERS Paul	CSV
3	DOS SANTOS MACIEL Paula	CSV
4	MOLITOR Max	LSAP
5	POOS Xavier	LSAP
6	REGNO Massimo	DP
7	SCHMITZ Jean-Claude	déi gréng
8	HOFFMANN Danièle	neutre
9	WALCH Emile	neutre
10	HOFFELT Philippe	neutre
11	HILGERT Roger	neutre
12	DUPREL Christian	neutre
13	PELLER Franky	neutre

7.10.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Bautekommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt den Här Max Molitor als President an den Här Schroeder Claude als Sekretär genannt.

7.11. Verkéierskommissioun

7.11.1 Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganze 7 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Verkéierskommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Memberen déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertrueden si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) a 6 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere gewielt goufe setzt d'Verkéierskommissioun vun der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	URBING Kevin	CSV
2	THILL Felix	CSV
3	MATIA TRIGO Afonso Filipe	CSV
4	NOESEN-HEINTZ Nathalie	LSAP
5	BRONDEN Daniel	LSAP
6	DA COSTA ROSA Ricardo	DP
7	VOEGELI Luc	déi gréng
8	RIES Julien	neutre
9	HIENCKES Corinne	neutre
10	WAGENER Marc	neutre
11	PICARD Marc	neutre
12	PELLER Franky	neutre
13	GOEDERT Tom	neutre

7.11.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Verkéierskommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt d'Madamm Nathalie Noesen-Heintz als Presidentin an den Här Kevin Urbing als Sekretär genannt.

7.12. Inclusiounskommissioun

7.12.1 Ernennung vun de Memberen

Nodeems en Opruff fir Kandidaturen am Buet veröffentlech gouf, hunn am ganzen 2 Awunner déi kenger politescher Partei ugehéieren sech gemellt fir Member vun der Inclusiounskommissioun vun der Gemeng Kielen ze ginn. No engem Vott-Secret, bei deem 7 Memberen déi déi politesche Parteien déi am Gemengerot vertrueden si representéieren (3x CSV, 2x LSAP, 1x DP, 1x déi gréng) an 2 Memberen déi kenger politescher Partei ugehéiere gewielt goufe setzt Inclusiounskommissioun vun der Gemeng Kielen sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom	
1	JUNG Norbert	CSV
2	KOHNEN Guy	CSV
3	MASSARD Sandrine	CSV
4	REHLINGER Sandra	LSAP
5	BACK Joan	LSAP
6	CASEY Wendy	DP
7	BONIFAS Larry	déi gréng
8	PEREIRA-PACIOTTI Patrizia	neutre
9	LIESCH Camille	neutre
10	vacant	neutre
11	vacant	neutre
12	vacant	neutre
13	vacant	neutre

7.12.2. Ernennung vun engem President an engem Sekretär

De Gemengerot ernennt ënner all de Membere vun der Inclusiounskommissioun vun der Gemeng Kielen e President an e Sekretär. No engem Vott-Secret, gëtt d'Madamm Sandra Rehlinger als Presidentin an den Här Norbert Jung als Sekretär genannt.

7.13. Schoulkommissioun - Ernennung vun de Memberen

Den Artikel 51 vum modifizéierte Gesetz gesäit vir dass Schoulkommissioun sech folgendermoossen zesummesetzt

1. comme président, respectivement le bourgmestre ou son délégué, à désigner parmi les membres du conseil communal;
2. au moins quatre membres à nommer respectivement par le conseil communal;
3. au moins deux représentants du personnel des écoles élus par le personnel des écoles parmi les membres des comités d'école;
4. au moins deux représentants des parents des élèves fréquentant une école de la commune et qui ne sont pas membres du personnel intervenant, élus par et parmi leurs pairs.
5. No engem Vott-Secret setz d'Schoulkommissioun sech folgendermoossen zesummen:

N°	Nom / Prénom		Localité	Fonction
1	IANNIZZI Katrin	CSV	Kehlen	Membre, représentante du conseil communal
2	DREWS Frank	LSAP	Nospelt	Membre, représentant du conseil communal
3	FRANTZEN Maryse	DP	Olm	Membre, représentante du conseil communal
4	BONIFAS Larry	déi gréng	Nospelt	Membre, représentant du conseil communal
5	BODSON Paul	neutre	Steinfort	Membre, représentant du personnel des écoles
6	MAAS Véronique	neutre	Hagen	Membre, représentante du personnel des écoles
7	TIBOR Nadine	neutre	Meispelt	Membre, représentante des parents des élèves
8	WOLFF Judith	neutre	Keispelt	Membre, représentante des parents des élèves

Laut Deliberatioun vum Schäfferot vum 30 August 2023, delegéiert de Buergermeeschter, Eischen Félix, d'Presidence vun der Schoulkommissioun un den Här Guy Breden.

8. „Klima-Bündnis Lëtzebuerg" – Ernennung vun engem effektiven Delegéierten an vun engem Suppleant

No zwee geheime Votte gëtt Madamm Cheryl Binck-Geschwind (CSV) als effektiven Delegéierte genannt an den Här Max Molitor (LSAP) als Suppleant fir d'Gemeng Kielen bei der Plenière vum Klima-Bündnis Lëtzebuerg ze vertrieden.

9. Galerie „Bei der Kierch" zu Kielen – Demissioun vun engem Member

A sengem Schreiwes vum 18. Juli 2023, deelt den Här Raymond Faber mat dass hien als neutrale Member vum Kommitee vun der Galerie „Bei der Kierch" wëll demissionéieren. No senger Demissioun setzt de Kommitee sech follgendermoossenzesummen:

N°	Nom / Prénom		Localité
1	KOCH Natacha	déléguée	Président
2	KOCKELMANN Romain	CSV	Membre
3	MAAS Marc	LSAP	Secrétaire
4	GERGES André	déléguée	Membre
5	LUCCHINI Joséanne	Déi Gréng	Fonction Membre
6	HOLZMACHER Chistiane	DP	Membre
Nomination comme membres "indépendants" pendant la période du 1er janvier 2021 jusqu'au 31 décembre 2026			
7	RONVAUX Sandrine	neutre	Membre
8	OTTO Myriam	neutre	Membre
9	FINCK Simone	neutre	Membre
10	vacant	neutre	Membre

10. S.I.C.A – Ernennung vun 3 Delegéierten

No engem geheime Vott, gëtt den Här Guy Kohnen (CSV), d'Mme Natacha Koch (CSV) an den Här Max Molitor, Gemengeconseilleren, als Delegéiert genannt fir d'Gemeng Kielen innerhalb vum Syndikat S.I.C.A ze vertrieden.

11. S.I.C.E.C. – Propositioun vun engem Kandidat fir d'Mandat vun engem gemeinsamen Delegéierten

No engem geheime Vott, gëtt den Här Guy Kohnen (CSV), Gemengeconseiller, als Kandidat vum Poste fir de gemeinsamen Delegéierte fir d'Gemeng Kielen am Syndikat S.I.C.E.C. ze vertrieden.

12. SICONA – Ernennung vun dengem Delegéierten

No engem geheime Vott, gëtt den Här Marc Bissen (LSAP), Schäffen, als Delegéierte genannt fir d'Gemeng Kielen innerhalb vum Syndikat SICONA ze vertrieden.

13. SIDERO – Ernennung vun engem Delegéierten

No engem geheime Vott, gëtt den Här Romain Kockelmann (CSV) , Schäffen, als Delegéierte genannt fir Gemeng innerhalb vum Syndikat SIDERO ze vertrieden.

14. SIDOR – Ernennung vun engem Delegéieren

No engem geheime Vott, gëtt den Här Kockelmann Romain (CSV), Schäffen, als Delegéierte genannt fir Gemeng innerhalb vum Syndikat SIDOR ze vertrieden.

15. SIGI – Ernennung vun engem Delegéieren

No engem geheime Vott, gëtt den Här Guy Breden (CSV), Gemengeconseiller, als Delegéierte genannt fir d'Gemeng innerhalb vum Syndikat SIGI ze vertrieden.

16. CIPA – Mamer – Ernennung vun engem effektiven Delegéierten a vun engem Suppleant

No zwee geheime Votten, gëtt den Här Kohnen Guy, Gemengeconseiller, als effektiven Delegéierte genannt an d'Madamm Meyer-Deitz Claudine, Gemengeconseillère, als Suppleant fir d'Gemeng Kielen innerhalb vum CIPA ze vertrieden.

17. ALA – Ernennung vun engem effektiven Delegéierten an engem Suppleant.

No zwee geheime Votten, gëtt den Här Guy Kohnen (CSV), Gemengeconseiller, als effektiven Delegéierte genannt an d'Madamm Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Gemengeconseillère, als Suppleant fir d'Gemeng Kielen innerhalb vum ALA ze vertrieden.

18. ORT – Ernennung vun engem Delegéierten

No engem geheime Vott, gëtt Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Gemengeconseillère, als Delegéierte genannt fir d'Gemeng Kielen am ORT ze vertrieden.

19. ZARO – Ernennung vun zwee Delegéierter

No engem geheime Vott, gëtt den Här Eischen Félix (CSV), Buergermeeschter, d'Madamm Meyer-Deitz Claudine (LSAP), Gemengeconseillère, alles Delegéiert genannt fir d'Gemeng Kielen innerhalb vum ZARO ze representéieren.

20. COPIL – Ernennung vun engem Delegéierten

De Gemengerot huet den 29. November 2019 d'„Charte de collaboration de mise en œuvre du Comité de Pilotage Natura 2000 Mamer-Äischdall", déi den 03. Juni 2019 tëschent dem Ëmweltministère an der Gemeng Kielen sou wéi mat deenen anere 27 Signatairen ofgeweckelt gouf, approuvéiert. No engem geheime Vott gouf d'Madamm Binck-Geschwind Cheryl, Gemengeconseillère, als Delegéiert genannt fir d'Gemeng innerhalb vum „Comité de pilotage Natura 2000 Mamer-Äischdall-Gréngewald" ze vertrieden.

21. Regional Museksschoul Westen – Ernennung vun 2 Delegéierter

Den 10. Juli 2015, huet de Gemengerot d'„Convention de coopération régionale" déi den 01. Juli 2015 vun de Schäfferéit vun de Gemenge Bartreng, Garnech, Habscht, Kielen, Käerch, Koplescht, Leideleng, Mamer, Simmer, Stengefort a Stroossen am Kader vun der Grënnung vun der „Regional Museksschoul Westen" ënnerschriwwen gouf, approuvéiert. No engem geheime Vott, ginn d'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Gemengeconseillère an de Här Bruck Steve, Gemengebeamten als Delegéiert genannt fir d'Gemeng Kielen innerhalb vun der „Regional Museksschoul Westen" ze representéieren.

22. LEADER – Zentrum Westen – Ernennung vun engem Delegéierten an engem Suppleant

De 25. November 2022 huet de Gemengerot den definitive Bäitrëtt am Grupp LEADER souwéi d'Grënnung vun engem lokale Grupp LEADER – Zentrum Westen, mat all de Geschäftsbedéngungen, déi den 09. November 2022 vum Schäfferot vun der Gemeng Kielen ënnerschriwwe gouf, approuvéiert. No zwee geheime Votten, gëtt d'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP), Gemengeconseillère als effektiven Delegéierten an de Här Breden Guy (CSV), Gemengeconseiller, als Suppleant genannt fir d'Gemeng Kielen innerhalb vum LEADER Zentrum-Weste bis zur neier Opstellung vum Gemengerot, dat heescht no deenen nächste Gemengewalen, ze vertrieden.

23. Transports publics – Ernennung vun engem Delegéierten an engem Suppleant

Den Artikel 12 vum Gesetz vum 05. Februar 2021 bezüglech dem ëffentlechen Transport stipuléiert „Le conseil communal désigne pour la durée de son mandat parmi ses membres un délégué aux transports publics. Le délégué communal aux transports publics a pour mission d'assurer la communication entre la commune et ses habitants et l'administration pour toute question d'organisation des transports publics et d'information afférente du public concerné.". No zwee geheime Votten, gëtt d'Madamm Nathalie Noesen-Heintz (LSAP) als effektiven Delegéierten an de Här Guy Breden (CSV) als Suppleant ernannt fir d'Gemeng Kielen beim ëffentlechen Transport ze vertrieden.

24. Nottärsakten / Compromisen / Konventiounen

24.1 Opstellung vun enger zousätzlecher Servitude an der „Zone d'Activités Économiques" à Kehlen (JP Kehlen SA)

Den 02. Abrëll 2021 huet de Gemengerot den administrativen Akt Nummer 2218, deen de 25. Mäerz tëschent dem Schäfferot an der Gesellschaft JP Kehlen SA vu Stroossen, bezüglech enger Opstellung vun enger Konventioun iwwert eng Servitude déi d'Parzellen 2946/7093, 2946/7094 et 2946/7166 aus der „Zone d'Activités Economiques" zu Kielen betrëfft ënnerschriwwe gouf, approuvéiert. Am selwechte Kontext huet de Gemengerot och e Verkafsakt deen den 20. Juni 2022 tëschent dem Schäfferot an der Gesellschaft AMER-SIL S.A. ënnerschriwwe gouf approuvéiert. An dësem Verkafsakt goung et drëms dass d'Gemeng Kielen der Gesellschaft AMER-SIL S.A. d'Parzell n°2946/7446 (fréier d'Nummer 2946/7066), Plaz, mat enger Surface vun 9,22 Ar, Uert „rue d'Olm", fir 80.000,00€ den Ar, wat en Total vu 737.600,00€ gëtt, ofkaaft huet fir kënnen eng RENITA Antenn op dëser opzeriichten. No dësem Akaf, huet et sech als néideg erwisen dass de Schäfferot e weideren administrativen Akt Nummer 11.241 mat der Gesellschaft J.P. Kehlen S.A vu Stroossen bezüglech enger Konventioun iwwert d'Opstelle vun enger zousätzlecher Servitude déi d'Parzellen n°2946/7093, Plaz, mat enger Surface vun 23,26 Ar, n°2946/7094, Plaz, mat enger Surface vu 85,67 Ar, n°2946/7166, Plaz, mat enger Surface vu 56,07 Are, an d'Parzell n°2946/7166, Plaz, mat enger Surface vun 9,22 Ar, déi sech all der „Zone d'Activités Economiques" zu Kielen befanne betrëfft, ze ënnerschreiwen. De Gemengerot approuvéiert och dëse weideren administrativen Akt Nummer 11.241.

24.2 Bail – Installatioun vun engem Antennemast an anert Ekipement vun der Post

De Gemengerot approuvéiert e Bail deen de 26. Juli 2023 tëschent der Post, vertruede vun hirem Direkter, den Här Gaston Bohnenberger, an der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hieren Schäfferot ënnerschriwwe gouf. An dësem Bail geet et ëm d'Stellen vun enger Plaz op der Parzell n°2946/7446, Sektioun A vu Kielen, mat enger Surface vun ongefeier 60 m², déi der Gemeng gehéiert, fir d'Installatioun vun engem Antennemast an nach anerem Ekipement dat néideg ass fir eng Statioun fir mobil Telekommunikatioun opzeriichten.

24.3 Erneierung vun enger Pacht

De Schäfferot huet den 20. Juni 2023 eng Pacht mam Här Renaud Oury ënnerschriwwen. Deemno approuvéiert de Gemengerot dës Pacht iwwert eng Parzell déi ab dem 01 Januar 2024 verlount gëtt.

24.4 Compromis fir d'Acquisitioun vun enger Parzell zu Keespelt, Uert „Rue Durenthal" (Peller Marc Jean-Pierre)

Unhand vun dësem Compromis deen den 13 September 2023 ënnerschriwwe gouf, keeft d'Gemeng Kielen dem Här Peller Marc Jean-Pierre d'Parzell n°442/2747, Trottoir, mat enger Surface vun 0,02 Ar, Sektioun Keespelt a Meespelt, Uert „Rue Durenthal", fir 1000€ den Ar, wat en Total vun 20€ ergëtt of. Dës Vente déngt dem Allgemengnotzen, dat heescht dës Parzell gouf kaf fir Grondflächen ze regulariséieren nodeems d'Strooss „rue Durenthal" zu Keespelt néi amenagéiert ginn ass. Deemno approuvéiert de Gemengerot dësen Akt.

25. Kontrakt fir Äertgasversuergung mat Enovos Luxembourg S.A.

De Gemengerot approuvéiert 2 Kontrakter mat de Referenze N°QUO-30413-H9R9J0-0 a N°QUO-30414-W8K5X9-0 fir d'Äertgasversuergung vu verschidden ëffentleche Gebaier vun der Gemeng Kielen, déi den 28 Juli 2023 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Aktiegesellschaft Enovos S.A., vertrueden duerch den Här Marc Schack, Head of Sales Luxembourg an den Här Rolo Sampaio, Key Account Manager, ënnerschriwwe goufen. Bei deem engem Kontrakt handelt et sech em Äertgasversuergung mat Déifdrock an dem aneren handelt et sech ëm Äertgasversuergung mat Mëtteldrock. De Präis ass op 0,6771 €/m³ fir Period tëschent dem 01 Januar 2024 bis den 31 Dezember 2024, op 0,6646 €/m³ fir d'Period tëschent dem 01 Januar 2025 bis den 31 Dezember 2025 an op à 0,5858 €/m³ fir d'Period vum 01 Januar 2026 an dem 31 Dezember 2026 festgesat.

26. Kontrakt fir Prestatiounen

26.1 Kontrakt fir Prestatioune bezüglech de lëtzebuergesch Coursë

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt bezüglech de lëtzebuergesch Coursë fir Erwuessener déi wärend dem Schouljoer 2023-2024 ugebueden ginn an deen de 30. August 2023 tëschent der Madamm Tania Lucas vu Kielen an de dem Schäfferot ënnerschriwwe gouf. Bei de Prestatioune vum Formateur handelt et sech em de Enseignement vu Coursë vun deene Matière an déi verschidden Niveauen a Fichen déi dëse vun der Gemenge kritt festgehale sinn an déi och vum Sevice fir Erwuessenebildung vum Educatiounsministère validéiert goufen. D'Coursë kaschte 70€ pro Stonn.

26.2 Kontrakt fir Prestatioune bezüglech de lëtzebuergesch Coursen

An der selwechter Optik huet de Gemengerot och de Kontrakt fir Prestatioune bezüglech de lëtzebuergesch Coursë vun der Madamm Monique Harslem, deen den 30. August 2023 tëschent hier an dem Schäfferot fir d'Period vum Schouljoer 2023-2024 ënnerschriwwe gouf. Bei de Prestatioune vum Formateur handelt et sech och hei ëm de Enseignement vu Coursë vun deene Matière an déi verschidden Niveauen a Fichen déi dëse vun der Gemenge kritt festgehale sinn an déi och vum Service fir Erwuessenebildung vum Educatiounsministère validéiert goufen. D'Coursë kaschte 70€ pro Stonn.

27. Valeur vun de Kaddoen an den Donen dem Gemengepersonal an de Membere vum Gemengerot déi bei verschidden Uläss offréiert ginn

Et ass ubruecht déi verschidde Montant vu Kaddoen an Doen déi d'Personal an de Membere vum Gemengerot ugebuede ginn ze aktualiséieren an ze vereenheetlechen. Am dësem Kontext, gi folgend Montante festgeluecht:

Membres du Conseil Communal:

a. Naissance d'un enfant: cadeau/don de 200,00€, pour les membres en fonction
b. Mariage: cadeau/don de 250,00€, pour les membres en fonction
c. Décès: don de 125,00€ est alloué à une œuvre de bienfaisance, pour les membres en fonction et anciens membres (+ annonce dans la presse)
d. Décès d'un parent ou allié au premier degré: don de 125,00€ est alloué à une œuvre de bienfaisance, pour les membres en fonction
e. 25 ans en fonction: cadeau de 1.000,00€, avec ou sans continuation
f. Cession de fonction: cadeau/don de 50,00€ par année en fonction, les années entamées comptent en entier. Ceci vaut pour les membres lesquels démissionnent sur propre initiative, ne se présentent plus aux élections respectivement lesquels ne sont pas réélus

Membres du Personnel:

a. Naissance d'un enfant: cadeau/don de 200,00€, pour les membres en service
b. Mariage: cadeau/don de 250,00€, pour les membres en service
c. Décès: don de 125,00€ est alloué à une œuvre de bienfaisance, pour les membres du personnel en service et anciens membres (+ annonce dans la presse)
d. Décès d'un parent ou allié au premier degré: don de 125,00€ est alloué à une œuvre de bienfaisance, pour les membres en service
e. 25 ans en service: cadeau de 1.000,00€, avec ou sans continuation
f. Cession de service: cadeau/don de 50,00€ par année de service, les années entamées comptent en entier. Ceci vaut pour les membres lesquels démissionnent sur propre initiative respectivement ceux qui bénéficient d'une mise à la retraite.
g. Les montants sous e.) et f.) sont dus proportionnellement au degré d'occupation du bénéficiaire, arrondis vers le pourcentage supérieur de leur tâche à savoir à 25%, 50%, 75% respectivement 100%.

28. Taekwondo Team Kielen – Ausseruerdentleche Subsid fir den Akaf vu Sportsekipement

An hirem Bréif vum 12 Juli 2023, huet d'Asbl Taekwondo Team Kielen e Subsid ugefrot fir hiert Sportsekipement mat ze finanzéiere fir hier Membere besser kënnen auszebilden an och mat der Zäit mat ze goe mam Zil dass d'Servicer déi si deene Jonken an Erwuessener vu Kielen ubidde ginn ze verbesseren. Doropshi proposéiert de Schäfferot dem Taekwondo Team Kielen e Subsid vun 3.000€ ze bewëllege mam But fir déi sportlech Aktivitéite vun der Gemeng Kielen an och d'Organisatioun vu Stagë, bei deenen all Taekwondo Veräiner vu Lëtzebuerg invitéiert si mat ze maachen, ze ënnerstëtzen. Deemno approuvéiert de Gemengerot dëse Subsid vun 3.000€.

29. Amicale CIS Kielen – Ordinäre Subsid

Wärend senger Sëtzung vum 30. August 2023 huet de Schäfferot decidéiert der Associatioun Amicale Kielen e ordinäre Subsid an der Héicht vu 4.577,00€ anzeraumen. Dozou ass awer ze soen dass normalerweis nëmmen e Budget vun 2.500€ fir d'Chrëschtfeier virgesinn ass. D'Joren 2022 an 2023 kruten si dëse Betrag, awer d'Joren 2018 a 2019 krut d'Associatioun 768,86€ an 2.000€ jeeweils. Deemno raumt de Gemengerot en ordinäre Subsid an der Héicht vu 4.577,00€ un d'ASBL Amicale CIS Kielen aus.

30. Capoeira Kielen – Deposéiere vun de Statuten

D'ASBL Capoeira Kehlen ass den 21. Juli 2023 gegrënnt ginn. Dëser ASBL hiert Zil ass dass de Kampfsport vun der Capoeira an déi brasilianesch Kultur unhand vun Aktivitéiten, d'Spektakelen, Demonstratiounen a Konferenzen ze valoriséieren. Deemno hëlt de Gemengerot Statute vun der ASBL Capoeira Kielen sou wéi se am Sekretariat den 18. August 2023 agereecht goufen zur Kenntnis.

31. Konventiounen mam Kierchefong betreffend der Stellung vun de Kierchen

31.1 Konventioun mam Kierchefong betreffend der zur Stellung vun der Kapell zu Dondel

Den 28. Juli 2023 huet Gemeng Kielen, vertruede vun hirem Schäfferot, mam Kierchefong vertruede vum Paschtouer vun der Por Mamerdall Saint Christophe an de President vun der Kierchefabrick, eng Konventioun ënnerschriwwe betreffend der zur Stellung vun der Kapell zu Dondel. De Gemengerot approuvéiert dës Konventioun.

31.2. Konventioun mam Kierchefong betreffend der Stellung vun der Kierch zu Keespelt

Den 28. Juli 2023 huet Gemeng Kielen, vertruede vun hirem Schäfferot, mam Kierchefong vertruede vum Paschtouer vun der Por Mamerdall Saint Christophe an de President vun der Kierchefabrick, eng Konventioun ënnerschriwwe betreffend der zur Stellung vun der Kierch zu Keespelt. De Gemengerot approuvéiert dës Konventioun.

31.3 Konventioun mam Kierchefong betreffend der Stellung vun der Kierch zu Nouspelt

Den 28. Juli 2023 huet Gemeng Kielen, vertruede vun hirem Schäfferot, mam Kierchefong vertruede vum Paschtouer vun der Por Mamerdall Saint Christophe an de President vun der Kierchefabrick, eng Konventioun ënnerschriwwe betreffend der zur Stellung vun der Kierch zu Nouspelt. De Gemengerot approuvéiert dës Konventioun.

31.4 Konventioun mam Kierchefong betreffend der Stellung der Kierch zu Kielen

Den 28. Juli 2023 huet Gemeng Kielen, vertruede vun hirem Schäfferot, mam Kierchefong vertruede vum Paschtouer vun der Por Mamerdall Saint Christophe an de President vun der Kierchefabrick, eng Konventioun ënnerschriwwe betreffend der zur Stellung un der Kierch zu Kielen. De Gemengerot approuvéiert dës Konventioun.

32. Punktuell Modifikatioun vum PAP-QE (besteeënde Quartier) vun der Gemeng Kielen

D'Propositioun vun der punktueller Modifikatioun vum PAP-QE vun der Gemeng Kielen, Versioun vum Juni 2023, déi fir d'Gemeng Kielen vum Büro LUXPLAN S.A. vu Capellen ausgeschafft gouf gesäit vir verschidden Artikele vum schréftlechen Deel vum PAP-QE ze ännere fir d'Virschréfte vun de Fotovoltaikanlagen ze preziséieren an ze lockeren, d'Geneemegunge fir dat technescht Ekipement ze verdäitlechen, verschidden Artikelen ze verfeineren an fir verschidde Formfeeler ze behiewen. De Gemengerot approuvéiert dës punktuell Modifikatioun vum PAP-QE an der Versioun vum August 2023 mat der Nummer Réf.19708/42C.

33. Konventioun betreffend der Verwierklechung vun den Infrastrukturen an dem Baue vu Gebaier vum Lotissement „rue des Champs" zu Kielen – Ännerung

A senger Sëtzung vum 14. Juli 2023 huet de Gemengerot d'Konventioun, betreffend der Verwierklechung vun den Infrastrukturen an dem Baue vun de Gebaier am Lotissement „rue des Champs" zu Kielen déi de 05/07/2023 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Gesellschaft Thomas & Prion Home S.A., vertrueden duerch den Här François Prion, ënnerschriwwe gouf, approuvéiert. Allerdéngs, huet den Innenministère der Gemeng Kielen e Bréif zoukomme gelooss an deem drop opmierksam gemaach gëtt dass den Delai fir d'Verwierklechung vun dësem Projet an der Konventioun feelt. Deemno gouf eng nei Konventioun fir d'Verwierklechung vum PAP „rue de Champs" den 13. September 2023 ënnerschriwwen déi de Gemengerot an dëser Sëtzung approuvéiert.

34. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

6 dréngend Verkéiersreglementer déi de Gemengerot stëmme soll gi presentéiert: an der Strooss „op der Dresch" an an der rue de Mamer gëtt Glasfaser fir Haiser vun der Post verluecht. Um Gemengewee tëschten Dondel a Nouspelt gi Reparatioune virgeholl wéinst schlëmmen Onwiederen ; Aarbechte fir d'Späicherkummer déi d'Waasser um Gemengewee opfänkt tëschent Dondel a Meespelt ofzerappen a fir eng nei opzebauen ; Aarbechte fir eng Rei Pawee an de Stroossen „rue de Capellen" a „rue de Kehlen" zu Ollem ewech ze huelen ; Ausgruewunge fir d'Post virun de Gabaier n°21B-21D an der „rue de Dondelange" zu Nouspelt.

35. Kommunalen Erzéiungs an Emfangdéngscht fir Kanner (SEA) - Kreatioun vun engem Gemengenemployé-Posten fir de SEA vun der Gemeng Kielen an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales

De Gemengerot schaaft e Posten fir e Gemengenemployé fir de SEA vun der Gemeng Kielen an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales

36. Verwaltung vun der Gemeng Kielen

36.1 Kreatioun vun engem Gemengenemployéposten fir de Service vun de Finanzen an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

De Gemengerot schaaft e Posten fir e Gemengenemployé fir de Service vun de Finanzen an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

36.2 Kreatioun vun engem Gemengenemployéposten fir de Service vum Personal an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp – Administrative

De Gemengerot schaaft e Posten fir e Gemengenemployé fir de Service vum Personal an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp – Administrative

36.3 Kreatioun vun engem Gemengenemployéposten fir den techneschen Service an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

De Gemengerot schaaft e Posten fir e Gemengenemployé fir den techneschen Service an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrative

GESCHLOSSE SËTZUNG

37. Kommunalen Erzéiungs an Emfangdéngscht fir Kanner (SEA)

37.1 Kënnegung vun engem Gemengenemployé an der der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales

De Gemengerot approuvéiert eng Kënnegung vun engem Gemengenemployé SEA mat engem CDD.

37.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales mat Klassement

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA mat enger Tâche vun 90 % (36 Stonnen an der Woch) mam Statue Gemengenemployé Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

37.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA mat enger Tâche vun 90 % (36 Stonnen an der Woch) mam Statut Gemengenemployé Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

37.4. Ernennung vun engem Gemengenemployé der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé fir de SEA mat enger Tâche vu 24 Stonnen an der Woch mam Statut Gemengenemployé Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

37.5 Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales mat Klassement

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé fir de SEA mat enger variabler Tâche vun 20 bis 30 Stonnen an der Woch mam Statut Gemengenemployé Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

37.6 Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales mat Klassement

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA mat enger Tâche vu 90 % (36 Stonnen an der Woch) mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales mat Klassement.

37.7 Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung an Psycho-Soziales

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot en Educateur diplômé fir de SEA mat enger Tâche vun 90 % (36 Stonnen an der Woch) mam Statut Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales.

37.8. Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot beschléisst d'Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé vun der SEA an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp -Administrativ an zwar déi mat aktuell enger variabeler Tâche vun 20 bis 30 Stonnen an der Woch op 40 Stonnen eropzesetzen ab dem 01 Oktober 2023.

37.9. Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé vum SEA an der Kategorie D, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemenger decidéiert d'Erweiderung vun enger Tâche vun engem Gemengenemployé vum SEA an der Kategorie D, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales an deem Sënn dass déi aktuell 8 Stonne pro Woch op 18 Stonnen an der Woch eropgesat an dëst fir enge festgesaten Zäit vum 01 Oktober 2023 bis de 15 Juli 2024.

37.10 Kënnegung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

De Gemengerot stëmmt déi fräiwëlleg Kënnegung vun engem Gemengenemployé vum SEA mat CDI déi den 01 Dezember 2023 a Kraaft trëtt.

38. Verwaltung vun der Gemeng Kielen

38.1. Sekretariat vun der Gemeng– Definitiv Nominatioun vun engem Gemengebeamten an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

Unhand vun engem geheim Vott ernënnt den Gemengerot en Agent administrativ fir de Sekretariat vun der Gemeng Kielen an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

38.2 Promotioun an de Grad 11 vun engem Gemengebeamten an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

De Gemengerot accordéiert d'Promotioun an de Grad 11 vun engem Gemengebeamten an der der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

38.3. Technesche Service – Kënnegung vun engem Gemengenemployé der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp – Administrativ

De Gemengerot accordéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp – Administrativ déi den 01 September a Kraaft trëtt

38.4. Service vum Enseignement – Kënnegung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

De Gemengerot accordéiert déi fräiwëlleg Kënnegung vun engem Gemengenemployé am Service vum Enseignement mat engem CDI déi den 01 Oktober 2023 a Kraaft trëtt.

38.5. Ernennung vun engem Gemengenemployé fir de Service vun de Finanze vun der Gemeng Kielen an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

Unhand vun engem geheim Vott ernennt de Gemengerot en Agent administrativ fir de Service vun de Finanzen vun der Gemeng Kielen an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ

38.6. Ernennung vun engem Gemengenemployé fir de Service vum Personal an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp – Administrative mat Klassement

Unhand vun engem geheim Vott ernennt de Gemengerot en Agent administrativ fir de Service vum Personal vun der Gemeng Kielen an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp – Administrative mat Klassement

38.7 Ernennung vun engem Gemengenemployé fir den technesche Service vun der Gemeng Kielen an der Kategorie B , Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ mat Klassement.

Unhand vun engem geheime Vott ernennt de Gemengerot e Gemengenemployé fir den den technesche Service vun der Gemeng Kielen an der Kategorie B , Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ mat Klassement. De Gemengerot beschléisst zudeem dass dëse Gemengenemployé an d'Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp – Administrativ an de Grad 11, Echelon 4 mat 300 Punkte klasséiert gëtt.

Scannez-moi pour lire la version française du conseil communal

KANDIDATENAUFRUF
APPEL DE CANDIDATURES

Bewerbungsaufruf für 4 offenen Posten im Verwaltungsausschuss der Kunstgalerie „Bei der Kierch" in Kehlen

Die Bewerbungen sind bis zum **15. Januar 2024** an das Schöffenkollegium zu richten mittels email an die Adresse secretariat@kehlen.lu und müssen Name und Adresse des Bewerbers beinhalten.

Für weitere Auskünfte können Interessenten sich an das Gemeindesekretariat wenden secretariat@kehlen.lu.

Appel de candidatures pour la vacance de 4 postes au sein du comité de gestion de la Galerie d'Art « Bei der Kierch » à Kehlen

*Les candidatures sont à adresser au collège échevinal jusqu'au **15 janvier 2024** moyennant email au secretariat@kehlen.lu et doivent comprendre le nom et l'adresse du candidat.*

Pour de plus amples renseignements les intéressés peuvent contacter le secrétariat communal au secretariat@kehlen.lu.

Galerie bei der Kierch
Gemeng Kielen